


# Fir eis engleschsproocheg Matbierger ass et schwéier, Lëtzebuergesch ze léieren. Den Online-Cours vu Learn Luxembourgish bitt eng Solutioun!

Si sinn elo offiziell zertifiéiert

vun Sven Wohl den 23/01/2018

35
SHARES

Op Facebook deelen

Op Twitter deelen

Newsletter abonnéieren

Google



**Den Internet gëtt jo gären als e risege Schatz vu Wësse bezeechent. An tatsächlech fënnt een hei bal alles. Och wat Online Kuren ugeet, gëtt et mëttlerweil eng breet Offer: Op een elo Ukulele spille léieren oder e Bestseller schreiwe wëll, et kann ee bal alles online bäibruecht kréien. A mam Lëtzebuergeschen ass et net anescht!**

Dës Spart gëtt zum Beispill vun der Plattform Learn Luxembourgish ausgefëllt. Do gëtt en Online Cours a verschiddene Niveauen ugebueden. Eng Besonneschkeet ass, datt d'Ufängercoursen op Englesch gehale ginn. Bei der Zuel vun Engleschsprochege Matbierger, déi ëmmer méi wiisst, gëtt dat ëmmer mi wichteg.

## Mëttlerweil sinn d'Coursë vu Learn Luxembourgish och offiziell zertifiéiert

De Educatiounsministère ass elo hi gaangen an hunn d'Sproochcoursën fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien zertifiéiert. Dëst huet Learn Luxembourgish an hirem Pressecommuniqué bekannt ginn. Domat stoussen se beispillsweis bei d'Ugebuet vum INL bäi an erlaben et domat nach méi Leit, eis Sprooch ze léieren. An dat ganz onofhängeg dovunner, wou ee grad ass.

Digital Hëllefsmëttel wéi Skype an en online Whiteboard gi bei Learn Luxembourgish agesat, fir datt dës Coursen interaktiv sinn an niewent hirem edukativem Wäert och Spaass maachen.

Folgend Coursen si vum Ministère de l'Education zertifiéiert ginn:

- A1 Basics, fir absolut Ufänger (8 Lektiounen)
- A1 Conversation, fir Studente mat e puer Virkenntnesser (12 Lektiounen)
- A2.1 Conversation, fir intermediaire Studenten (12 Lektiounen)
- A2.2 Conversation, fir avancéiert intermediaire Studenten (12 Lektiounen)

Verschidde Course kënne kombinéiert ginn, fir op déi noutwenneg 24 Stonnen ze kommen. Eng Lektioun dauert dobäi eng Stonn. Si kënnen och fir kleng Gruppen ugebuede ginn. Donieft bitt Learn Luxembourgish och nach e Buch un, wat vill Eegenheete vun eiser Grammaire erkläert.

Dat kann och fir Lëtzebuerger ganz interessant sinn! Ze empfeelen ass virun allem, Learn Luxembourgish op Twitter a Facebook ze followen, falls een dat nach net gemaach huet. Do gëtt och schonn emol ganz aktiv diskutéiert.

# WEIDER ARTIKEL ZUM THEMA



D'Kapassitéite beim Lëtzebuergeschen Sproochentest ginn erhéicht



Wat fir Sprooche kann ee viru Geriicht benotzen?



D'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, erkläert



Der ASTI gefält de Staatsbudget net



Eng komplex Sproochesituatioun bréngt grouss Erausfuerderunge mat sech




9 Iddien, wéi s du der Lëtzebuerger Sprooch hëllefe kanns




Der Méisproochegkeet an dem Lëtzebuergeschen geet et gutt am Groussherzogtum



Wien säin Horizont erweidere wëll, ass gutt beroden, eng Sprooch ze léieren – am INL kanns du der gläich 8 léieren



Sproochepolitik ka keng kuerzfristeg Ugeleeënheet sinn



Sinn dës Wierder richteg geschriwwen?

**ÄHNLECH SUJETEN** Englesch, Integratioun, Learn Luxembourgish, Lëtzebuerg, Lëtzebuergesch

< NÄCHSTEN ARTIKEL    VIRRECHTEN ARTIKEL >




## Tags

Brexit · Chamberwahlen 2018 · China · Claude Meisch · CSV · Dan Kersch · Donald Trump
Däitschland · déi gréng · déi lénk · Emmanuel Macron · Etienne Schneider · EU · EU-Kommissioun
Europa · Film · Frankräich · François Bausch · Gemengewahlen 2017 · Groussbritannien · Iran
Israel · Italien · Jean-Claude Juncker · Kultur · LCGB · Literatur · LSAP · Lëtzebuerg
Lëtzebuergesch · Migratioun · Musék · Netflix · OGBL · Police · Politik · Quiz · Russland

Stad Lëtzebuerg Syrien Theresa May Tierkei USA What the Fakt Xavier Bettel

## Trending Posts



LISER: 3. Forum vum bezuelbare Wunnraum




Gratulatioun: Zwee nei Schäffe goufe vereedegt

**Gefält dir moien.lu?**

Abonnéier dech op eisen Newsletter

Deng E-Mail

Elo abonnéieren!

## Moien.lu

Kontakt

Annonceur op moien.lu ginn!

moien.lu Newsbot

Impressum

Dateschutz

© 2018 Copyright MOIEN NEWS MEDIA S.A.. All Rights reserved.